

# Rapport vun der Integratiounscommissioun vum 28.04.2022

## Presenzen

Present	Net present
Ruef-Vogt Liselotte (présidente), Asselborn Tanja (secrétaire), Fernandes José, Wieditz Gabriele, Graff Yolande, Milmeister-Naik Amina, Simon-Stammet Nathalie, Eicher-Karier Christiane (membres)	Heinz Joé, Ludwig Patrick, Moreira Cardoso Carlos, Noesen Henri, Vosman Joske (entschëllegt)

## Punkt 1 Introduction

D’Kommissioun approvéiert de Rapport vun der Sëtzung vum 23. November 2021. Dëse kann elo um Site vun der Gemeng publizéiert ginn.

## Punkt 2 Meeting mam Schäfferot

D’Liselotte an d’Nathalie hatten den 26. Abrëll 2022 Rdv am Schäfferot fir e puer oppe Froe gekläert ze kréien. D’Missioun vun der Integratiounskommissioun ass obligatoresch.

Fir d’Soirée de bienvenue kéint eventuell e Jeton ausbezuelte ginn. Dëst giff awer net fir de Chrëschtmaart gëllen. Et muss eng Differenz tëschent enger Versammlung an enger Aktivitéit gemaach ginn. De GRESIL giff zu de Versammlunge gerechent ginn.

Vum Schäfferot aus soll d’Integratiounskommissioun weider d’Soirée de bienvenue fir déi nei Awunner aus der Gemeng organiséieren. De Schäfferot huet d’Propose gemaach fir e Video ze realiséieren wou d’Gemeng virgestallt gëtt. D’Kommissioun ass der Meenung, datt dëst éischer eng Tâche vun der Commission des Relations publiques wär an net vun der Integratiounskommissioun.

### Punkt 3 Joeresplang 2022 fir d'CCCI

**Soirée de bienvenue:** d'Kommissioun huet d'Iddi fir nei Fotoe vun de Gebäier an de Sitë vun der Gemeng fir d'Soirée maachen ze loossen. Dës Aufgab soll e Fotograf iwwerhuelen. Eventuell kéinten och Fotoe mat enger Drône gemaach ginn. D'Kommissioun stellt eng Demande un de Schäfferot fir d'Realisatioun vun de Fotoen. Et gëtt vun der Kommissioun eng Lëscht mat de jeweilige Gebäier an Siten opgestallt. D'Nathalie huet hei de Kontakt vum Fotograf Tom Fielitz uginn. D'Fotoen solle no der Powerpoint-Presentatioun op der Soirée gewise ginn.

D'Soirée soll den 18. November 2022 an der Koll zu Bruch stattfannen. De Modell vun 2021 vun den Invitatiounen gëtt fir dëst Joer iwwerholl. D'Iddi ass opkomm fir beim Catering lëtzebuergesch Spezialitéiten unzebidden.

**Chrëschtmaart:** de Chrëschtmaart soll vum 17.-18.12.2022 stattfannen. Et misst zäitno schonn ugefangen ginn d'Chaleten z'organisieren. Et kéint een dofir eventuell bei der Gemeng Miersch nofroen.

**GRESIL:** d'Yolande huet sech bereed erkläert fir den 15.06.2022 um GRESIL zu Miersch am Kulturhaus deelzehuelen.

### Punkt 4 Divers

D'Christiane huet e Résumé iwwert d'Versammlung zum Projet **Parc Bëschdref** vum 27.04.2022 ginn. Et gouf am Kader vun der Versammlung eng Visite vum Park an de Gebäier rondrëm de Park gemaach. Aktuell leeft nach de Sondage (Informatiounen heizou fënnt een um Site vun der Gemeng) fir Iddien zur Gestaltung vum Duerfkär eranzerechen. De Sondage ass online bis den 11.06.2022. Duerno sinn am Juni zwee Workshope geplangt fir d'Iddien weider auszeschaffen. D'Struktur vun der Biergerbedeelegung kann duerno och op aner Projete vun der Gemeng iwwerholl ginn.

**Ukrainesch Flüchtlingen:** aktuell sinn eng 80 ukrainesch Flüchtlingen zu Huelmes an der Jugendherberg ënnerbruecht. D'Jugendherberg bleift eng fest Struktur fir d'Flüchtlingen bis Enn Dezember 2022. Verschidden Awunner vun Huelmes hunn elo eng Randonnée zesumme mat de Flüchtlinge geplangt. De Support fir d'Flüchtlinge gëtt vun der Caritas iwwerholl.

D'Liselotte ass vum Schäfferot als Kontaktperson vun der Gemeng fir de **Foyer Mariendall** gewielt ginn. Et soll elo demnächst eng éischt Visite mat de Responsabel vum Foyer (Caritas) an dem Liselotte um Site vum Foyer stattfannen.

D'Nathalie gëtt Informatiounen iwwert d'Associatioun "**Mir wëllen Iech ons Heemecht weisen**", wou hat selwer Member ass. Sie hunn eng nei Plattform geplangt, wou esouwuel d'Flüchtlinge wéi och d'Résidente kënnen Aktivitéiten proposieren. D'Associatioun këmmert sech dann ëm den Oflaf vun de proposierten Aktivitéiten.

Den 11.06.2022 fënnt zu Bruch an der neier Sportshal d'**Nuit des Sports** statt.

Déi nächst Reunioun, mat uschléissendem lessen, fënnt **dënschtes den 21. Juni 2022 um 19:30** Auer statt. D'Nathalie sicht de Restaurant eraus a gëtt der Kommissioun Bescheid.

Fin: 21:30 Auer